ADR
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe Parlementaire

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, Um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
16 AVR. 2014
223

Lëtzebuerg, de 16. Abrëll 2014

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister vun der Justiz weiderzeleeden.

Zënter laangem gëtt un enger Reform vum Scheedungsrecht geschafft, bis elo leider ouni Resultat. Un de Problemer vun de Leit a Scheedungssituatiounen huet sech dowéinst och bis elo näicht geännert, obwuel se dacks gravéierend sinn.

Virun allem d'Problemer beim Suergrecht fir d'Kanner (Garde) a beim Besuchsrecht (droit de visite et d'hébergement) veruersaachen ëmmer nees dramatesch Situatiounen, déi den Elteren wéi de Kanner wéi dinn a laangfristeg schueden. Phänomena wéi d'Entfriemung (aliénation parentale) déi heefeg duerch d'Verweigerung vum Besuchsrecht entstinn sinn dobäi besonnesch ervirzehiewen.

Dowéinst wollt ech den Här Minister vun der Justiz froen:

1. Wëll d'Regierung a Scheedungs- an Trennungssituatiounen dat gedeelte Suergrecht an dat gläich an alternéierend Besuchs- a Wunnrecht zur allgemenger an obligatorescher Regel maachen, souwäit déi konkret Emstänn dat zouloossen?

2. Wéi wëll d'Regierung géint den Elterendeel virgoen, den d'Besuchsrecht vun dem aneren Elterendeel net respektéiert (non-représentation d'enfant)?

3. Wëll d'Regierung déi zivil Uerteeler iwwer d'Garde an d'Besuchsrecht an dem Sënn polizeilech ausféierbar (exécutoire) maachen, datt d'Police direkt kann agräifen wann et keng aner

Méiglechkeet gëtt fir déi geriichtlech decidéiert Dispositiounen iwwer d'Suerg- oder d'Besuchsrecht duerchzesetzen?

4. Wéi eng Moossnamen wëll d'Regierung géint en Elterendeel huelen, den sech geriichtlech decidéierten Dispositiounen wéi z.B. enger Mediatioun oder Elteren-Kand Kontakter an enger Struktur systematesch widersetzt? Wär et do net néideg kloer Regelen ze schafen, och mam Zil fir sou Prozeduren zäitlech ze kierzen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser

Deputéierten